

Äppelstreisel um Feier



Virbereedung fir

- Glous

Feier umaachen, Holz verbrennen

Kuel drop leeën

(bis zur Glous brauch et ca. 20 Min.Zäit)

- Streisel

200g Botter (mëll)

180g Zocker

220g Miel

- ⇒ Matenee vermëschen, zu Streisel knieden

- Äppel als Fong

1 Schnatz Botter /Kokosueleg an d'Pan maachen

10-12 Äppel (gewäsch, geschielt an a Wierfele geschnidden) an d'Pan ginn

Mat Kanéil wierzen

Korinthen an Neelcheskäpp derbäi maachen

Mat Viz ofläschen

- ⇒ An der Pan dënsten bis d'Äppel mëll sinn

Äppelstreisel um Feier



Dutch-oven mat Fett (Botter / Kokosueleg) aschmieren,
Äppelmischung aus der Pan an d'Döppe maachen
Streisel driwwer verdeelen

- Deckel zoumaachen
- Glous op den Deckel maachen
- Döppe an d'Glous stellen
(e bässe Sputt téscht der Glous an dem Döppe loossen
Metallopsaz o.ä. fir d'Glous net z'erstécken)
- No ca. 20Min. ass de Streisel goldeg gebak



Gudden Appetitt!